*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

***Motion 1***

Dann hu mer nach eng Motioun vum Här Jaerling, déi ausgedeelt ginn ass an déi jiddferee viru sech leien huet. Et war nëmmen eng Ënnerschrëft drop an et hunn nach ënnerschriwwen: d'Häre Camille Gira, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes a Jean-Pierre Koepp. Ass e Vote électronique verlaangt oder kënne mer par main levée ofstëmmen?

***(Interruption)***

E Vote électronique? Et ass also e Vote électronique verlaangt. Da musse mer ee Moment waarden, bis de Computer ëmgestallt ass.

Mir stëmmen dann of iwwert d'Motioun.

***Vote***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun ass ofgelehnt mat 33 Nee- a 26 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: M. Niki Bettendorf;*

*M. Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombera (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach (par M. Patrick Santer), Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps (par M. Jeannot Belling), Claude Meisch (par Mme Simone Beissel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer.*

Dann ass dee Punkt ofgeschloss.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5264 iwwert d'Moderniséierung vun der Beggener Kläranlag. Et sinn agedroen: den Här Klein, d'Madame Beissel, déi Hären Henckes a Gira. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Jean-Marie Halsdorf.

## 3. 5264 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à

## - l'extension et à la modernisation de la station d'épuration de Beggen

## - la construction d'un collecteur de transport des eaux résiduaires entre Bonnevoie et Beggen

***Rapport de la Commission des Affaires intérieures***

**M. Jean-Marie Halsdorf** *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi, géif ech och soen, kéint een op d'mannst dee Parallelismus zéien zu der Diskussioun, déi mer elo geféiert hunn, dass dëst och e Resultat ass vun enger nationaler Strategie, wou d'Kläranlagen hei am Land - d'Verbesserung, d'Moderniséierung, déi geet jo zréck op eng Direktiv aus dem Joer 1991...

***(Interruption)***

Den Här Weiler hätt nach gären d'Wuert.

**M. le Président**.- Den Här Weiler huet d'Wuert.

## 4. Ordre du jour

**M. Lucien Weiler** *(CSV).*- Här President, vu datt déi eng oder aner Modifikatioun vun eisem Ordre du jour, wat d'Zäitpunkten, wou d'Projeten ukommen ubelaangt, virgeholl ginn ass, wär et gutt, vu datt all Member elo hei ass, wann Der géift soen, wéi mer gedenken déi Projeten, och déi, déi gëschter net geholl gi sinn, der Rei no haut de Mëtteg ze huelen.

**M. le Président**.- Et ass mer gesot ginn, et wier ofgemaach, datt mer de Mëtten direkt am Ufank iwwert déi Projeten, déi nach en suspens sinn, géifen ofstëmmen.

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP).*- Neen, et geet net ëm déi, déi mer nach ofstëmmen. Et geet drëm wéi mer der Rei no déi Projeten, déi fir haut nach um Ordre du jour sinn an déi, déi mer vu gëschter mat eriwwer geholl hunn, der Rei no haut wëllen evakuéieren.

**M. le Président**.- Wéi ass Är Propositioun dann do?

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP).*- Meng Propositioun ass déi - ech hat dem Greffe se ginn, fir lech se zoukommen ze loossen -, datt mer déi zwou Kläranlage solle fir d'éischt huelen, dann de Projet vun Esch a Schëffleng, duerno géife mer déi zwee Projeten iwwert d'Culten huelen an als leschten de Projet aus de Classes moyennes.

**M. le Président**.- Ass d'Chamber domadder d'accord?

**Une voix**.- An d'Mobilophonie fält ewech?

**M. le Président**.- Den Här Bodry huet d'Wuert.

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Ech mengen, et sinn och Zäitgrënn déi vläicht derfir plädéieren, fir eisen Ordre du jour e bësse méi liicht ze maachen. Mä op där anerer Säit: Deene Leit, déi den Dossier studéiert hunn, ass opgefall, dass deen Dossier, deen d'Regierung den Deputéierten zur Verfügung gestallt huet, fir déi Debatt iwwert d'Mobilophonie ze féieren, onkomplett ass.

D'Prozedur gesäit dräi Avisë vir, ier de Minister seng Deklaratioun hei mécht. Dat sinn d'Avisë vun de Gemengeréit, déi sinn am Dossier dran. Dann als nächst kënnt den Avis vum Conseil supérieur vum Aménagement du territoire; deen Avis huet d'Chamber net matgedeelt kritt. An da kënnt nach en Avis vum Comité interministériel vum Aménagement du territoire; deen Avis hate mer och net am Dossier matgedeelt kritt. Sou dass mer en onkompletten Dossier hunn.

Ënnert dëse Konditiounen ass et och net méiglech, dass d'Chamber wierklech eng gutt Diskussioun zu deem Thema ka féieren. Dofir ass et - mengen ech - weis, fir an dësem Moment deen dote Punkt vum Ordre du jour ze huelen an en eventuell nach op d'nächst Woch ze verleeën, wann den Dossier bis da komplett ass.

**M. le Président**.- Ass d'Chamber d'accord domat?

***(Assentiment)***

Dat ass dann esou décidéiert. Mer fueren dann elo viru mat eisem Ordre du jour.

***(Interruption)***

Den Här Minister Wolter huet d'Wuert.

**M. Michel Wolter,** *Ministre de l'Intérieur.*- Här President, ech hu kee Problem domat wann d'Chamber décidéiert fir dat déi nächst Woch ze maachen. Ech hätt awer net gär avant vérification, dass hei gesot gëtt, d'Regierung hätt kee kompletten Dossier ofginn an der Chamber. Et ass elo amgaange vérifiéiert ze ginn, ob d'Regierung e kompletten Dossier an der Chamber ofginn huet oder net.

Ob oder ob net e kompletten Dossier bei den Deputéierten ukomm ass, dat musse mer nach kucken. Also ech hätt net gär wa vireileg hei eppes behaapt gëtt. Wann d'Regierung e Feeler gemaach huet, dann assuméieren ech d'Responsabilitéit. Wann d'Regierung dee Feeler net gemaach huet, hätt ech net gären, dass dat elo schonn esou géif gesot ginn.

Fir de Rescht kann ech och domadder liewen, dass mer et d'nächst Woch diskutéieren. Mir insistéiere just, dass mer deen Débat iwwert d'Mobilophonie féieren, well et ass en extrem wichtegen Débat an enger ganz laanger Prozedur, dee fir d'Zukunft vun eisem Land an deem Domän vu grondleeënder Bedeitung ass.

**M. le Président**.- Den Här Jean-Marie Halsdorf huet dann erëm d'Wuert fir mat sengem Bericht iwwert d'Kläranlag weiderzefueren.

## 5. 5264 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à

## - l'extension et à la modernisation de la station d'épuration de Beggen

## - la construction d'un collecteur de transport des eaux résiduaires entre Bonnevoie et Beggen (suite)

***Rapport de la Commission des Affaires intérieures (suite)***

**M. Jean-Marie Halsdorf** *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President.

Ech wëll also nach eng Kéier drop zréckgoen, dass ech soen, de Bau vu Kläranlagen zu Lëtzebuerg geet op eng Direktiv vun 1991 zréck, déi iwwert de Règlement grand-ducal vum 13. Mee 1994 ëmgesat ginn ass, fir eng besser Klärung ze maachen an doduerch de Stéckstoff an de Phosphor bei de Kläranlagen, déi méi wéi 10.000 Einheiten hunn, ze verbesseren.

E geet awer och zréck op eng Revisioun vum generelle Konzept fir d'Ofwaasser vun der Stad Lëtzebuerg. Dës Etüd gouf och am Ufank vun den 90er Jore gemaach, an doraus ass also dann de Projet de loi 5264 entstanen, deen den 29. Dezember 2003 déposéiert gouf. Véier Méint drop, den 28. Abrëll 2004, gouf de Rapport ugeholl an haut stëmme mer dee Projet jo.

Et geet ëm d'Kläranlag Beggen, déi moderniséiert gëtt, an et geet drëm fir de Bau vun engem Kollekter tëschent Bouneweg a Beggen. Coût de l'opération, wéi et am Projet de loi steet: 93,4 Milliounen, bei engem Index vu 579,98 op den 1. Oktober 2003. Dat steet och am Artikel 1 vum Projet de loi.

Am Artikel 2 steet, dass de Fong fir d'Gestioun vum Waasser benotzt gëtt, fir dëse Finanzement ze maachen. Den Artikel 3 mécht eng Derogatioun op den Artikel 12b vum Marchés-publics-Gesetz vum 30. Juni 2003. Wann d'Dauer vun den Aarbechte méi wéi zwee Joer ass, wann een och den Exercice mat abezitt wou de Projet gestëmmt gëtt, muss een do derogéieren. Dat geschitt hei, well hei ass eng Bauzäit vu véier Joer virgesinn.

A wann ech vun normaler Strategie geschwat hunn - erlaabt mer déi Bemierkung, ier ech nach kuerz am Detail op dëse Projet aginn - muss ee feststellen, wat d'Kläranlagen ugeet, dass mer do am Fong geholl net ëmmer en nationaalt Konzept hunn, wat zum Beispill de Klärschlamm ugeet. Do huet all Kläranlag säi Konzept. All Kläranlag versicht de Recycling op hir Aart a Weis ze maachen, duerch Verbrennung, duerch d'Agrikultur oder duerch Kompostéierung. Ech hoffen och, dass mer deemnächst do eng Stratégie globale wäerte kréien, gradesou wéi déi regelméisseg Kontrollen, déi vu Bréissel verlaangt ginn, iwwert d'Qualitéit vun den Ofwaasser. Och do gëtt et vill Léisungen. D'Stad Lëtzebuerg - mengen ech - geet op München. Aner Kläranlagen hunn och hir Solutiounen, an ech mengen do wär de Laboratoire National de Santé gefuerdert, fir do eng Guideline ze gi fir eist ganzt Land.

Ech hu gesot, et geet jo drëm d'Waasser vun der Stad Lëtzebuerg an der Uelzecht ze klären. D'Uelzecht, ee Floss dee kee groussen Débit huet, a wou déi Kläranlage geschafe goufen an der Zäit fir 300.000 Einheiten, a Bouneweg 60.000 Einheiten. Dat gëtt elo ëmfunktionéiert op 220.000 Einheeten an d'Ofwaasser vun den Uertschafte Bartreng, Findel, Leideleng a Stroossen lafen an dës Kläranlag. De Scheierhaff a Riedgen sollen an engem spéideren Zäitpunkt bäikommen. Den originale Projet hat virgesinn, Hesper och duerch dës Kläranlag funktionéieren ze loossen. Dat ass awer net zréckbehale ginn. Duerfir gëtt et e spezielle Projet, dee jo herno dann och hei virgestallt gëtt.

De Kollekter, dee gebaut gëtt, ass 6,2 km laang, läit op enger Déift vu 14 Meter an huet en Duerchmiesser vun 2 Meter. E geet vu Bouneweg an de Péitrussdall iwwert d'Adolphesbréck. Do kënnt d'Waasser vu Märel eran. Da geet en erof op d'Place d'Argent an e leeft dann an dee grousse Haaptkollekter vun der Millebaach, an dee leeft da riets weider laanscht d'Uelzecht bis op Beggen. Dat ass de Wee.

Déi Moderniséierung ass ganz spezifesch. Op där enger Säit bleiwen déi technesch Equipementer, zum Beispill de Klärschlamm, deen déi beaarbecht, bestoen. Op där anerer Säit gëtt awer eng Verbesserung gemaach, an zwar duerch eng Phas 1, wou eng Erneierung stattfënnt vun der mechanescher Behandlung duerch de Bau vun enger Pompelstatioun. An der Phas 2 gëtt e Bioreaktor gebaut an an der Phas 3 gi Sandfilteren agebaut, 8 Stéck un der Zuel. Déi aktuell Becke ginn och a Kompensatiounsbecken ëmfunktionéiert. Fir den Detail heivun, mengen ech, sollt een de Projet noliesen. Do steet déi ganz Technik dran.

Fir de Gerochsproblemer, déi et bei all Kläranlag gëtt, ze begéinen, ass och eng Installatioun néideg. Bei der Éischtbehandlung gëtt déi an de Gebaier selwer gemaach, fir do dësen Effet dann ze minimiséieren.

Nach zwee Wierder zum finanzielle Volet. Ech hat gesot, de Kollekter an d'Kläranlag sinn zwou Aarbechten. De Kollekter kascht 51,8 Milliounen, d'Kläranlag ongeféier 50 Milliounen. Dat mécht e Coût total vun 101,84 Milliounе fir dëse Projet. Well de Stat jo 90% finanzéiert, mécht dat eng Charge vun 91.700.000 Euro, dat beim alen Index vu 569,61. Wou mer awer den Index vum 1. Oktober 2003 dragesat hunn, dat ass dee vu 579,98, do kréie mer e Coût total vun 93,4 Milliounen. Well de Statsrot gemengt huet, mir sollten dee leschte Präis an dëse Projet de loi schreiwen, konnte mer dat jo dann och maachen.

De Statsrot huet och säin Accord ginn, well e gemengt huet, dëse Projet wär indispensabel. Ech mengen dat och an dofir sinn ech och iwwerzeegt, dass Der en alleguerte stëmmt.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. le Président**.- Als éischte Riedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Den Här Klein huet d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Jean-Pierre Klein** *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Gemengen hunn d'Missioun fir op hirem Territoire fir Propretéit a Salubritéit ze suergen. Dat ass eng Uraufgab vun de Gemengen.

Eng ganz Partie rechtlech Dispositiounen hunn dat am Laf vun der Zäit confirméiert a verstäerkt. Am Kader vun den Diskussiounen huet d'Verdeelung vun de Kompetenzen tëschent dem Stat an de Gemengen, déi mer am November vum leschte Joer hei gefouert hunn, ass festgestallt ginn, dass den Traitement vun den Ofwässer sollt an der öffentlecher Hand a besonnesch um Niveau vun de Gemenge bleiwen, well déi an där beschter Lag sinn, fir dat ze realiséieren, well se d'Problematik am allerbeschte kennen.

Et ass also unerkannt, datt d'Gemengen op deem Gebitt e ganz wichtegen Acteur sinn an doduerch e wichtege Bäitrag leeschten, fir d'Liewensqualitéit vun hire Bierger ze verbesseren. Dat ass och de Fall duerch d'Transformatiounen an d'Moderniséierungsaarbechten un der Kläranlag zu Beggen an zu Hesper, déi den Objet vun eiser heiteger Diskussioun sinn.

Dëse Projet bréngt eng Valeur ajoutée, déi ee folgendermoosse ka resüméieren: Eng spierbar Verbesserung fir d'Protektioun vun eisem nationale Waasserfloss, deen d'Uelzecht ass. Dat duerch méi eng performant Behandlung vum Ofwaasser an enger moderner Kläranlag fir 220.000 Awunner. Wann ee bedenkt, datt déi gesamt Verschmotzungsbelaaschtung vu Lëtzebuerg op 700.000 Awunner gläichwäerteg geschaaft ass, da kënne mer eis jo virstellen, wat fir een Impakt datt dës modern Anlag op d'Ofwaasserqualitéit huet.

Dës Verbesserung vun der Renegung vum Ofwaasser kënnt sécherlech alleguer deenen zum Gudden, déi „en aval" vu Beggen an der Noperschaft vun der Uelzecht wunnen. Ganz besonnesch ass et gënschteg fir d'Renaturatioun, déi kierzlech am Uelzechtdall zu Walfer a Steesel virgeholl ginn ass. Dat ass en Noerhuelungsgebitt, wou e proppert Gewässer vu gréisster Wichtegkeet ass. Et ass och ganz sécher eng excellent Motivatioun fir déi Leit, déi gewëllt sinn dës Moosnamen am Dall virun ze féieren. D'Fëscher wäerte besonnesch frou sinn iwwert d'Uwuesse vum Fëschbestand. Déi modern Anlag reduzéiert op e strikte Minimum zumindest d'Bestänn an de Kaméidi fir

d'Awunner vu Bouneweg a Beggen.

Allgemeng kann ee soen, datt de Regroupement vun deenen neie Capacitéiten an enger eenzeger Statioun zu Beggen Avantagen huet, an zwar eng eenzeg Statioun ass méi effizient wat d'Resultat vun der Kläranlag ubelaangt. Den Investissement op engem eenzege Site ass méi wirtschaftlech wéi op zwou Plazen. D'Exploitatioun an den Entretien op engem eenzege Site si méi gënschteg a bréngen en Aspuere vu Main-d'oeuvre, Material an Energie mat sech. D'Suppressioun vum Site Bouneweg direkt nieft dem Zentrum vun der Stad Lëtzebuerg kënnt der Beseitegung vun der Emissioun vu Kaméidi a vun désagréabelem Geroch gläich.

Erënnere mer eis do un déi massiv Reklamatiounen, déi an den 80er Jore gehéiert gi sinn a woufir déi néideg Moossname geholl gi waren. All Statiounen, esou gutt wéi se och kënne funktionéieren, werfen ëmmer nach eng residuell Verschmotzung of. Duerch d'Suppressioun vun der Statioun Bouneweg an d'Ofleedung vun den Ofwässer op Beggen verklengert sech d'Verschmotzung vun der Uelzecht um Gebitt vum Gronn a vum Pafendall.

D'Gemenge sinn de Maître de l'ouvrage vun esou Anlagen, déi e bedeitende Käschtepunkt a sech hunn. 90% Subventioun säitens dem Stat sinn ubruecht, vu de favorablen Impakt vun esou Moossnamen op d'Ëmwelt. Ëmmerhi muss d'Gemeng Lëtzebuerg awer de Gesamtkäschtepunkt avancéieren, an dat sinn, wéi mer héieren, ganz gewalteg Chifferen. Rappel un de Stat fir esou schnell wéi méiglech der Gemeng déi virgestreckten Zommen ze rembourséieren, ëmsou méi d'Gemengen nei Contrainten octroyéiert kritt hunn, wat d'Délais de paiement ubelaangt.

D'Propriétairë bréngen ganz bestëmmt dat néidegt Verständnis op, fir déi noutwendeg Droits de passage zouzegestoe fir d'Collectrice vu Bouneweg op Beggen. Dat sinn Aarbechten, déi am Intérêt général an d'utilité publique sinn.

An deem Sënn ginn ech och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Simone Beissel agedroen. D'Madame Beissel huet d'Wuert.

**Mme Simone Beissel** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virop mäi Merci dem Rapporteur Jean-Marie Halsdorf fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport.

De Projet, dee mir haut debattéieren an och wäerte stëmmen, ass fir mech e Meilesteen a Saachen Assainissement a ronderëm d'Stad Lëtzebuerg, well en ons erlaabt, eis Haaptkläranlag zu Beggen op den Héchststand vun de modernen Technologien ze bréngen, ëmweltbewosst a rationell, an doniewent och eng Léisung ze fanne fir eis zweet Kläranlag zu Bouneweg.

An der aktueller Situatioun bedreift d'Stad Lëtzebuerg zwou Kläranlagen, déi vu Beggen a Bouneweg, allenzwou gebaut um Ufank vun de 70er Joren. Dës Anlagen traitéieren d'Ofwaasser net nëmme vun der Stad, mä och vun de Gemenge Bartreng, Stroossen, Leideleng a vum östlechen Deel vun der Findel.

Et handelt sech ëm Kläranlagen nom klassesche Prinzip, mat enger Phase d'épuration primaire, wat ee mechanesch Rengegung nennt, an enger Phase secondaire, biologesch Rengegung.

Obwuel d'Servicer vun der Stad Lëtzebuerg kontinuéierlech Efforte gemaach hunn, fir den Entretien vun den Anlagen ze garantéieren a fir punktuell Verbesserungsprojeten ëmzesetzen, esou ass trotzdeem den technologesche Stand vun den Anlagen nach dee vu virun 30 Joer. D'Anlage schaffen op 100% vun hirer Capacitéit, a wat d'Anlag vu Bouneweg ubelaangt, sou ass dës Anlag des Öfteren iwwerlaascht, mat den onerwënschte Konsequenze fir d'Uelzecht.

D'Direktiv 91/272/CE vum 21. Mee 1991, ëmgesat am Nationalrecht duerch d'groussherzoglecht Reglement vum 13. Mee 1994 „relatif au traitement des eaux urbaines résiduaires", verlaangt fir Kläranlagen, déi méi grouss si wéi 10.000 Equivalents-habitants, den Traitement tertiaire, wat mir „d'drëtt Phas" nennen. Dat heescht do musse mer an enger drëtter Phas de Stéckstoff, oder Azote, erauskläre. Et ass awer genau dat wat mer momentan mat eise bestoende Kläranlagen net fäerdeg bréngen.

Dës Oplag huet also en Ëmbau respektiv Neibau onëmgänglech gemaach. Ëmsou méi wou den ultimë Conformitéitsdélai, deen d'EU-Direktiv eis imposéiert, den 31. Dezember 2005 ass.

An hiren Iwwerleeungen hunn déi responsabel Instanze vun der Gemeng Lëtzebuerg ganz fréi doriwwer nogeduecht, ob een effektiv déi zwou Anlagen, déi vu Beggen an déi vill méi kleng vu Bouneweg, misst erneieren, oder ob et am Endeffekt net méi sënnvoll wär, en zentralen Traitement op der Beggener Anlag unzestriewen. Déi zweet Variant bedéngt d'Konstruktioun vun engem neien Ofwaassersammler, oder Kollekter, tëschent Beggen a Bouneweg.

De virleiende Projet enthält déi gesamt Moossname fir déi zweet Variant ze realiséieren, déi sech no enger Vergläichsstudie, déi ufanks den 90er Jore gemaach ginn ass, als déi méi gënschteg erausgeschielt huet, an zwar ënnert den Aspekter Investitiounskäschten, Bedreiwerkäschten, Performancen a Rendement vun der Ofwaasserklärung an Organisatioun vum Betrib. Heibäi war och e wichtegen Aspekt, dass déi zwou bestoend Ofwaassersammler tëschent der Kläranlag Beggen an dem Pafendall net déi néideg hydraulesch Capacitéit hunn, fir an Zukunft déi ufalend Ofwässer ze transportéieren. Sou dass op alle Fall hätt missen en neie Kollekter gebaut ginn, och ënnert der Hypothees dass Bouneweg als Anlag bestoe bliwe wär.

Zu den technesche Projete wëll ech elo nach folgend Remarque maachen. De Site vun der Kläranlag Beggen zeechent sech aus duerch eng staark begrenzte Fläch, déi zur Verfügung steet an duerch eng ganz no ugrenzend Bebauung, wat sengersäits Ufuerderungen u Gerochs- a Kaméidisreduktioune mat sech zitt. Dëst huet dozou gefouert, dass eng nei Technologie vun der Ofwaasserklärung erugezu gouf, an zwar de Réacteur à lit fixe oder Biofilter. Dës Technik gouf zu Lëtzebuerg nach net agesat, huet awer hir Preuven a verschiddenen europäesche Länner gemaach, ass a mëttlerweil vill Referenzanlagen a Betrib.

D'Virdeeler sinn e ganz beschränktent Plazbedierfnis, d'Méiglechkeet déi ganz Anlag anzehausen an esou de Gerochs- a Kaméidisproblem optimal ze léisen. Dës Technologie gouf zu Beggen duerch en eejährege Versuch validéiert.

Ech muss hei vun dëser Plaz als zoustännege Schäffe fir dës Kläranlagen e ganz spezielle Merci dem Här Paul Hansen, neien Direkter vum neie Waasserwirtschaftsamt, soen. Hien huet eis déi ganz Zäit bei deenen Tester, déi mer während engem Joer zu Beggen gemaach hunn, begleet an e stoung eis mat Rot an Dot zur Säit. An dank senger konstruktiver Aarbecht si mir gutt virukomm.

De Projet begräift dann och nach de Bau vun enger neier Phase de traitement primaire, de Bau vun enger neier Phase de traitement secondaire an tertiaire mat der Technologie vum Biofilter, d'Benotzen - wou et geet an no baulecher Sanéierung - vu bestehende Becken als Puffer- oder Kompensatiounsbecken, notamment bestehend Biologie.

Beim zweete Projet vum Kollekter Beggen-Bouneweg handelt et sech ëm den Neibau op enger Gesamtlängt, wéi de Rapporteur et scho gesot huet, vu 6,2 km vun engem Ofwaasserkollekter aus Stolbëtonsréier.

Deen accidentéierten Terrain, dee mir do virfannen, expliziéiert och, dass de Coût esou deier ass, well Dir kënnt Iech virstellen, wann Dir d'Bild vun der Gemeng Lëtzebuerg kennt an och d'Steenverhältnisser, dat gëtt keng einfach Saach. Et gëtt e grousse Kollekter mat engem Duerchmesser vun zwee Meter. D'Pose erfollegt ënnerierdesch als Fonçage op enger grousser Déift - 14 Meter an der Moyenne. Dësen Tracé ass no ville Berechnunge gewielt ginn, fir esou vill wéi méiglech am Domaine public ze sinn, an net op d'Laaschte vun den Anrainer mussen ze fueren; dann doniewent fir déi verschidde Quartiere successiv unzeschléissen, an esoumat déi bestoend Sammler ze entlaaschten; doniewent fir optimal geologesch Verhältnisser am Buedem fir de Fonçage ze hunn.

Aner technesch Aspekter sinn d'Accessibilitéit fir den Entretien ze garantéieren, wat jo bei esou groussen Infrastrukturen extrem wichteg ass, an och nach eng maximal Etanchéitéit ze garantéieren.

Här President, dëse Gesamtprojet garantéiert engersäits, dass d'Pollutioun, déi duerch d'Ofwässer vun der Agglomératioun Stad Lëtzebuerg plus - wéi mir dat heiansdo nennen -, déi an d'Uelzecht gelaangen, staark reduzéiert gëtt. De Projet dréit zu der Verbesserung vun der Waasserqualitéit vun der Uelzecht bäi - d'Uelzecht, déi nach wie vor eng schlecht biochemesch Qualitéit huet. Anerersäits dass den Impakt, Geroch a Kaméidi vun der Kläranlag respektiv den Anlagen op d'Umgebung wesentlech verréngert gëtt, doduerch, dass Bouneweg verschwënnt, an zu Beggen nei, héichwäerteg Technik agesat gëtt. Doniewent d'Nohaltegkeet vun der Ofwaasserklärung vun der Agglomératioun Lëtzebuerg plus a Konformitéit zu de Gesetzer gewährleescht gëtt. Schliesslech d'Schafe vun enger neier Haaptentwässerungsachs fir d'Agglomératioun Lëtzebuerg plus, mat de Virdeeler vun enger absoluter Etanchéitéit, gesécherten hydraulesche Verhältnisser an optimalen Entretiensbedéngungen.

Här President, Waasser ass Liewen, Waasser ass vital a gëtt am 21. Jorhonnert ëmmer méi e wäertvollt, well e raart Element op eiser Äerd, an Europa a souguer zu Lëtzebuerg. Mir brauchen eis nëmmen un de Summer 2003 ze erënneren, fir ze gesinn, dass de Problem akut ass. Ee Mënsch vu fënnef huet keen Drénkwaasser momentan op der Äerd, an een op zwee ass net un en Ofwaasserklärungsnetz ugeschloss. De Schutz vum Waasser ass a muss dofir virun eng vun de Grondaufgabe vum Stat an de Gemenge sinn a bleiwen.

D'Kläre vum Waasser ass säit méi wéi 40 Joer eent vun den Dauerelementer vun der Lëtzebuerger Ëmwelt- respektiv Innenpolitik. Erënnere mir eis un eisen dynamesche Commissaire à la protection des eaux a spéidere Minister Josy Barthel, ënnert deem sengem Impuls schonns no 1963 biologesch Kläranlagen an de grousse Lokalitéiten am Zentrum an am Süde vum Land agereecht gi sinn.

D'grouss Suerg war schonn deemools, fir d'Uelzecht ze dépolluéieren, déi duerch e staark bewunnt an industrialiséiert Gebitt fléisst, an déi mat hirem schwaachen Débit déi massiv Pollutioun, där se ausgesat war, weder konnt verdauen nach duerch Selbstreinigung konnt ofbauen. Well all ons Fléss zu Lëtzebuerg hunn de Problem vum schwaachen Débit, well onst Land sech praktesch op der sou genannter Ligne de partage des eaux tëschent dem hydrographesche Becke vum Rhäin a vun der Meuse situéiert, also um sou genannte Kapp vun de Waasserleef, déi duerch et fléissen. Schwaachen Débit erfuerdert staark Klärung ier d'Ofwässer erëm an d'Waasserleef zréck gelooss ginn, staark Klärung erfuerdert performant Kläranlagen, dat heescht en Invest vu grousser Envergure, e sophistiquéierten Entretien duerch qualifizéiert Leit, déi mir glécklecherweis zu Lëtzebuerg hunn, dank dem onermiddlechen Asaz säit Jore vun der APSEL, der Association du personnel des stations d'épuration luxembourgeoises, an Zesummenaarbecht mat dem Centre de formation professionnelle continue vun Ettelbréck.

Här President, mir stëmmen hei e Projet vu bal 102 Milliounen Euro, bal 4,5 Milliarden aler Frang, an dat no 13 Joer Virbereedung, Testen, Verbesserungen, bis en endlech konnt an enger optimaler Versioun op den Instanzewee kommen. „Was lange währt, wird endlich - oder trotzdem - gut" kann ee bal hei soen. De Projet kann also elo realiséiert ginn dank der favorabeler Politik vun eiser Regierung, déi sech dëst Joer bis zu enger Héicht vun 90% un den Ausbau- a Moderniséierungskäschte bedeelegt, an dat iwwert de Fonds pour la gestion de l'eau vum Innenministère.

Ech wollt och hei dem Minister Michel Wolter merci soen, deen eis säit Joren - déi puer Kéieren, wou ech him konnt de Projet expliziéieren - ëmmer mat oppenen Oueren empfaangen huet…

*(Interruptions)*

…an eis wierklech gehollef huet, dass mir endlech dee Projet konnte maachen.

*(Interruptions)*

D'Stad Lëtzebuerg an d'DP soe merci, well dëst Gesetz et erlaabt, eng nohalteg Gestioun vum Ofwaasser ze garantéieren a Waasser an engem Zoustand vu gudder chemescher an ekologescher Qualitéit ze garantéieren.

Ech wäert dëse Projet, dat kënnt Dir Iech virstellen, mat Enthousiasmus stëmmen…

**Plusieurs voix**.- Oh!

**Mme Simone Beissel** *(DP)*.- …a bréngen hei och den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem hei de Projet elo schonn e puermol dës Laangen an dës Breeden duerchliicht ginn ass, wëll ech mech relativ kuerz faassen, a fir d'éischt emol bedaueren, dass et esou laang gedauert huet, dass esou ee Projet, wéinst administrativer a politescher Schlamperei, endlech hei zum Droe kënnt.

*(Interruptions)*

Et ass effektiv scho laang gewosst, dass d'Anlagen 30 Joer al sinn.

*(Interruptions)*

Dir héiert d'Wouerecht net gären. Et ass scho richteg esou, well mir alleguerte wëssen, dass d'Anlagen zu Bouneweg 30 Joer al sinn. Deen Député-Échevin, dee virdru geschwat huet, huet dat jo och bestätegt. An obwuel an der Stad Lëtzebuerg de Problem laang bekannt war, ass näischt gemaach ginn. An et ass dat, wat bedauerlech ass, well et huet ee gesinn, dass déi Anlagen, déi do sinn, total iwwerlaascht sinn, dass et zu Débordementer komm ass, dass ganz vill Schwieregkeete waren, an dat ass net eng Saach vun haut a vu gëschter.

Den zweete Punkt, dee gewosst ass, dat ass, dass déi europäesch Direktiv den 31. Dezember 2005 applicabel soll sinn, da sollten d'Realisatioune fäerdeg sinn; vu dass de Bau véier Joer dauert, gesi mir egal wéi, dass mir deen Délai net kënnen anhalen. Mir kënne just anhalen, dass e virdru gestëmmt ginn ass.

An et war och nach bal eng aner Pann passéiert. D'Stad Lëtzebuerg hat de Projet um Ordre du jour wéi d'Budgetsdiskussioune waren, an op eng Kéier koum de Programme d'investissements prioritaires vun der Regierung, deen déposéiert ginn ass, an do war de Projet net drop. Do huet missen d'urgence nees erëm gekuckt ginn, dass dee Projet hei op d'Prioritéitslëscht komm ass, well soss hätt d'Stad Lëtzebuerg de Bau net kënnen ufänken, well se de ganze Finanzement net hätte maache kënnen.

Dat gesot, ass de Projet awer bluttnoutwendeg, well mir gesinn, dass mir eng Explosioun vun der Bevölkerung hunn. Dat war virauszegesinn, dat ass kloer, en vue vun de Baugenehmegungen, déi erdeelt gi si bis elo, an och vun deenen, déi amgaange sinn erdeelt ze ginn. Dofir kann den ADR sech domat d'accord erklären, mä et ass kloer, dass mir awer déi Schlamperei an déi politesch Retarden, déi hei verantwortlech si fir de Retard vun dësem Projet, net wëlle guttheeschen.

**M. le Président**.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Camille Gira agedroen. Den Här Gira huet d'Wuert.

**M. Camille Gira** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech kéint elo nach wäit aushuelen hei iwwert d'Tatsaach, dass mer mat den Infrastrukture vun de Kläranlage wäit hannendra sinn, dass niewent engem Manktum vu Schoulen an aneren Infrastrukturen dëst Land et net fäerdeg bruecht huet, déi enorm demographesch Entwécklung, déi mir kritt hunn, mat den néidegen Infrastrukturen ze begleeden.

Ech kéint laang hei déi Gemengen a Regiounen opzielen, déi nach ëmmer keng Kläranlagen hunn. Fir dem Här Strotz e Gefalen ze maachen, d'ganz Musel nach ëmmer net, mä anscheinend och nach gewëssen Ecken am Éislek net, si mir de leschte Méindeg um Fernseh gewuer ginn.

Ech kéint an ech géing ganz gäre laang aushuelen iwwert d'Tatsaach, dass mer eis all Joer fir dräi Milliarde Lëtzebuerger Frang an d'Täsch léien, andeem mer net de käschtendeckende Präis fir d'Ofwaasserentsuergung verlaangen an dann dat indirekt iwwer eis Gemengebudgete finanzéieren.

Ech sinn am Géigesaz zu gewësse Leit heibannen, déi ëmmer op d'Tribün kommen a soen, käschtendeckend Taxe wäre sozial ongerecht, fundamental där anerer Meenung. Dat wat mer elo maachen, dass mer deene Leit mat Schwemmen a mat siwe Buedzëmmeren doheem am Haus wierklech mat ëffentleche Gelder hir Ofwaasserkäschte subventionéieren, dat ass sozial ongerecht, well nämlech déi Sue feelen, fir am soziale Beräich eng gezilte Sozialpolitik ze maachen.

Dofir plädéiere mir als Gréng scho laang dofir, wa mer am Beräich vun den Taxe sinn - well fir mech ass en Ënnerscheed tëschent Taxen an indirekte Steieren -, wou d'Fraisë vun der Gesellschaft egal wéi musse bezuelt ginn, dass mer 100% vun

de Leit déi Käschte froen, déi se verursaachen, an da mat sozialpoliteschen Instrumenter deenen - soe mer zu Lëtzebuerg 10% - Familljen, déi wierklech Schwieregkeeten domat hunn, hëllefen. Mir applizéieren dat bei eis an der Gemeng. Mir hunn eng Ofwaassertax vun engem Euro - ech géif mengen, dass dat mat déi héchst aus dem Land ass -, a mir hunn iwwert den Office social eng ganz onbürokratesch Manéier, fir deene Famillje ze hëllefen.

Ech stellen och fest, dass mer graff bei 10% vun de Familljen sinn, déi wierklech Problemer hu mat Taxen. Mir hunn eis sou genannten Akellerungsprime, wéi déi esou schéi genannt gëtt, esou héich gesat, dass déi Familljen praktesch d'Integralitéit vun de Gemengentaxen erëmkréien, mä dann hu mer déi Suen iwwreg fir Structure-d'accueilen ze maachen, fir soss sozial Mesuren ze maachen.

Ech kéint wäit aushuelen iwwert déi traureg Tatsaach, dass et grad an eisen touristesche Gebidder Ënnersauer an esou weider nach ëmmer net méiglech ass, dass déi holännesch an aner Touristen, déi bei eis kommen, kéinten an d'Sauer schwamme goen, mä ech erspuere mir dat, ech erspueren lech dat, well mer dat schonn des Längeren an des Öfteren hei diskutéiert hunn. Well mer esou e Mammutprogramm haut an och nach déi ganzen Zäit hunn, dofir géing ech resüméieren, dass mer natierlech frou si fir all Euro, fir all Cent, deen an eis Kläranlagen zu Lëtzebuerg investéiert gëtt, fir dass dann awer iergendwéi eng Kéier net nëmmen d'Holänner an d'Belsch, mä och d'Lëtzebuerger erëm kënnen an d'Ënnersauer schwamme goen. Dofir géing ech och den Accord zu dësem Projet bréngen an och direkt dee fir déi zweet Kläranlag.

Ech soen lech merci.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Innenminister Michel Wolter.

**M. Michel Wolter,** *Ministre de l'Intérieur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen et ass och vu menger Säit net un der Plaz fir elo nach eng Kéier d'ganz Kläranlagepolitik vun der Regierung ze beliichten, déi sech iwwert déi eenzel Legislaturperioden nahtlos weidergefouert huet, nämlech fir ze probéieren d'Land flächendeckend mat Kläranlagen auszeriichten. Et ass och müsseg doriwwer ze diskutéieren, aus wat fir enge Grënn dass mer nach net iwwerall do si wou mer et gären hätten. Do ginn et eng ganz Rei vun Ursaachen.

Tatsaach ass op jidde Fall, dass mer vun öffentlecher Hand iwwer eng Milliard där aler Lëtzebuerger Frang, iwwer 25 Millioune Euro all Joer an de Bau vu Kläranlage stiechen. Et ass ee vun deene gréissten Eenzelposten, déi mer am Lëtzebuerger Budget hunn; en ass zwar net direkt am Budget, well en iwwert de Fong bezuelt gëtt, mä e muss awer duerch d'Sue vum Budget finanzéiert ginn. Et ass en enormen Effort, deen de Stat zesumme mat de Gemengen do leescht, fir e ganz nobelen Deel vun eiser Politik kënnen ze bestreiden.

Och mir hätten heiansdo gäre léiwer, et géif liicht méi séier goe wéi dass et geet. De Fait, dass mer dat nach net ofgestallt kruten, huet domadder ze dinn, dass d'Problematik awer vläicht méi komplex ass, wéi mir dat heiansdo mengen. Eleng wann ech gesinn, an do war wierklech ëmmer gudde Wëllen, dass esou eng Kläranlag wéi déi vu Beggen, wat eng ganz kompliziéiert war, wann et net nëmmen drëm geet, d'Kläranlag, mä och nach d'Aart a Weis wéi ech mat den Ofwässer dohinner kommen ze regelen, insgesamt 13 Joer dauert, dat weist fir mech manner op Inkompetenz hin, mä méi op eng extrem Komplexitéit vun Dossieren.

De Fait, dass esou eng Kläranlag mat alle Kollekteren och herno insgesamt fir 104 Millioune Euro, dat heescht wäit iwwer véier Milliarde Frang zustane kënnt, weist och, dass mer hei net grad e klenge Centre culturel bauen, mä dass dat heiten eppes ass, wat awer liicht méi komplex a méi kompliziéiert ass.

Wat ass, dat ass dass mer elo an eng nei Generatioun wäerten antriede vun neie Kläranlagen. Den Heischtergronn ass fir mech en Beispill dovun; dat ass eng Kläranlag, déi gestëmmt ginn ass. Haut Beggen mat Hesper, déi hannendru kënnt. Och ech dispenséiere mech, zu Hesper dann nach eng Kéier eppes ze soen. Mir hunn zu Beetebuerg eng Kläranlag nach virgesi fir 35 Millioune Euro, zu Miersch - wann ech soen „eng Kläranlag", dann ass dat meeschtens d'Moderniséierung, d'drëtt Stuf, Adaptatiounen - Miersch: 18 Milliounen, d'Bleesbréck: 20 Milliounen, a Gréiwemaacher: 25 Milliounen, wou laang Joren d'Saach en fin de compte net virukomm ass, doduerch dass sech net eens gesat ginn ass iwwert den Terrain wou dat Ganzt sollt hikommen. A wann ech soen «il n'y a qu'à», ginn et ganz vill Grënn en fin de compte firwat dass mer an deene Situatioune si wou mer sinn. Pärel, en Investissement, dee mer am Ausland zesumme mat den Däitsche maachen: 20 Millioune insgesamt. Wann ech de Programm kucke vun de Kläranlagen, déi nach solle gebaut ginn, esou wéi mer en haut hunn, schwätze mer iwwert en Total vu 650 Millioune Euro, dat heescht vun 30 Milliarden, déi nach investéiert ginn.

A menge Rapporte steet ëmmer, dass dat an deenen nächsten zéng Joer soll geschéien. Wann ech awer gesinn, dass mer net méi wéi 25 Millioune Euro d'Joer ënnerkréien, an ech och net dovunner ausginn, och aus techneschen, organisatoreschen an aneren Ursaachen, dass mer wesentlech do wäerten driwwer erausgoen, da géif ech éischter mengen, dass mer awer nach méi wéi zéng Joer wäerte brauchen, fir dee gesamte Programm, deen do kënnt, ofzeschléissen. Dat d'autant plus dass, wa mer der Meenung sinn, dass mer mat enger Kläranlag op engem leschten technesche Stand sinn, eis d'Spezialiste schonn nees erklären, dass mer nach méi en neie Stand sollen hunn.

Dat ass mer elo e Méindeg um SIDERO passéiert, wou e groussen, eminenten däitschen Expert eis während enger Stonn erzielt huet, dass no där drëtter sécher nach eng véiert Stuf wäert kommen, dass nei Saachen nach musse geklärt ginn, dass virun allem d'Fro vu Medikamenter an de Résiduë vu Medikamenter am Waasser amgaangen ass e Problem ze ginn, deen ëmmer méi akut gëtt, deen am Fong och misst geklärt ginn, deen eis awer och - an elo rejoignéieren ech dat wat den Här Gira gesot huet - Chiffres à l'appui gewisen huet, dass dat alles net zum Nulltarif ass.

Et besti Modeller, ech weess vu Berechnunge wat dat ganz genau pro m³, pro Awunner kascht, wann een eng drëtt a wann een eng véiert Stuf mécht, an dat ass eng Diskussioun, déi mer am Kader vun der Ëmsetzung vun der Waasserrahmendirektiv 2015 musse féieren, an zwar musse mer déi net féieren am Joer 2014, mä déi musse mer féieren am nächste Joer, fir dass mer do nach an den Délaië bleiwen. Ech stellen einfach fest, dass mir nach meilewäit ewech si vum Prix vérité hei zu Lëtzebuerg, dass mer eis also iwwert déi Froe vu Waasser, Ofwaasser, Käschtepunkt, wien investéiert, wie finanzéiert a wie bezilt ganz seriö Gedanke musse maachen, wëssend, dass dat heiten eng Boucle éternelle ass.

D'Kläranlage wäerten d'Politik net nëmmen déi nächst zéng, mä nach déi nächst 20 an déi nächst 30 Joer beschäftegen, a mir musse wëssen, dass dat heiten ee vun deenen Domäner ass, déi politesch net schrecklech spektakulär sinn. Mat Kläranlage kanns de dech manner en évidence setzen zum Deel wéi mat anere Saachen, mä et ass awer e ganz décke Montant an eisem Budget. Eng Milliard där aler Frang, 25 Millioune Euro, all Joer ze investéieren, just an deem heiten Domän vun der Politik, dat ass net näischt, an dat wollt ech am Fong just op dëser Plaz nach eng Kéier ënnerstrach hunn.

An nach eng Kéier, Här President, ech géif mech dann och dispenséieren, zum nächste Projet vun der Kläranlag vun Hesper dann nach separat drop anzegoen, well déi spillt sech an exakt deemselwechte Kader wéi dat heiten of.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen de Mëtteg driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

***(Le quorum n'est pas atteint)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

De Vote iwwert de Projet geschitt haut de Mëtteg. Mir sinn dann um Enn vun eiser Sitzung vun haut de Moien ukomm. Déi nächst Sitzung ass haut de Mëtteg a fänkt um hallwer dräi un. D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 12.40 heures)***

# 59E SÉANCE

JEUDI, 6 MAI 2004

Présidence: M. Jean Spautz, Président
M. Nico Loes, Vice-Président

## Ordre du jour

1. Ordre du jour
2. 5264 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à

   - l'extension et à la modernisation de la station d'épuration de Beggen

   - la construction d'un collecteur de transport des eaux résiduaires entre Bonnevoie et Beggen (suite)

   *(Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
3. 5163 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti (suite)

   *(Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
4. 5265 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à l'extension et à la modernisation de la station d'épuration de Hesperange

   *(Rapport de la Commission des Affaires intérieures - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
5. 5318 - Projet de loi portant changement de limites entre les communes d'Esch-sur-Alzette et de Schifflange

   *(Rapport de la Commission des Affaires intérieures - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
6. 5150 - Projet de loi autorisant l'État à prendre en charge les traitements et pensions des ministres du culte des Églises Orthodoxes Roumaine et Serbe du Luxembourg et conférant la personnalité juridique de droit public auxdites Églises

   et

   5151 - Projet de loi autorisant l'État à prendre en charge les traitements et pensions des ministres du culte de l'Église Anglicane du Luxembourg et conférant la personnalité juridique de droit public à ladite Église

   *(Rapports de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle - Discussion générale - Lecture du texte des projets de loi - Votes et dispenses du second vote constitutionnel)*
7. 5148 - Projet de loi portant création d'un cadre général des régimes d'aides en faveur du secteur des classes moyennes

   *(Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement - Discussion générale)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Fernand Boden, Michel Wolter et François Biltgen, Ministres.

***(Début de la séance publique à 14.36 heures)***

**M. le Président**.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

***(Négation)***

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt agанks der Sitzung kuerz op d'Reiefolleg vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtten ze schwätze kommen.

### 1. Ordre du jour

Fir d'éischt stëmme mer nach iwwert déi Projeten of, déi opstinn, duerno diskutéiere mer éischtens de Projet de loi 5265 iwwert d'Hesper Kläranlag, dann de Projet 5318 iwwert d'Grenz tëschent der Schëfflenger an der Escher Gemeng an dann de Projet de loi 5150 an de Projet de loi 5151 iwwert d'Kierchen a schliesslech de Projet de loi 5148 iwwert de Mëttelstand.

### 2. 5264 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à

### - l'extension et à la modernisation de la station d'épuration de Beggen

### - la construction d'un collecteur de transport des eaux résiduaires entre Bonnevoie et Beggen (suite)

Mir maachen elo nach eng Kéier d'Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5264 iwwert d'Beggener Kläranlag.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

***(Le quorum est atteint)***

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo of iwwert de Projet de loi 5264.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass unanimement mat 56 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Patrick Santer), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent*